piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/11/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Giischtercher sinn de Garant vun der Sécherheet an eise Prisongen an et ass wichteg, dass si hir Aarbecht a Sécherheet a Gesondheet maache kënnen.

A rezenten Presseartiklen op RTL goufen d'Aarbechtskonditioune vum Personal an de Lëtzebuerger Prisongen thematiséiert, déi aktuell engem héijen Drock ausgesat sinn.

Eisen Informatiounen no feelt et u Personal an d'Giischtercher an d'Verwaltungspersonal kompenséieren de Personalmangel mat vill Asaz, Flexibilitéit an onbezuelten Iwwerstonnen, wat net gutt ass fir hir Gesondheet an hir Sécherheet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Roudeeg goufe beim Prisongspersonal dëst Joer gestrach, opgelëscht no Prisong?
2. Wat waren d'Haaptgrënn fir d'Sträiche vu geplangte Roudeeg a wéi eng Moossnamen si virgesinn, fir esou Situatiounen an Zukunft ze limitéieren?
3. Wéi vill Mol gouf d'Prisongspersonal aus engem Roudag zeréckgeruff, opgelëscht no Prisong?
4. Wéi vill Iwwerstonne goufe vum Prisongspersonal dëst Joer geleescht, opgelëscht no Prisong?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN



GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés